

# Fug



© Photothèque de la Ville de Luxembourg

De Mann huet eng Roulotte um Tipp stoen. D'Roulotte ass en ausrangéiert Gefier vun der Bauverwaltung. Dobanne mécht hien sech op sengem Spirituskocher säin Déppche waarm. Dobanne wiermt hien sech, wann et haart kënnt, d'Hänn iwwert engem Aladin. Meeschtens ass hien do-baussen, waart op d'Drecksautoen, déi den Hank of austippen. Hie klëmmt dem Dreck de Rambli of no, huet en Heel, eng Schëpp fir nozehëllefen, heinsdo eng Aaxt, seelen e Reech. Sechs Deeg an der Woch ass hie schwaarz am Gesiicht, onnëtz vun den Hänn ze schwätzen. Seng Fanger leie véiereckeg ëm den Heelestill. Meeschtens brennt et um Tipp; iergendanzwousch stécht en sech ëmmer nees selwer un, och am Wanter. Keng Flamen, eng Gloust, déi déif séffert; en Damp, deen an den Ae bäisst, dee fierchterlech sténkt, deen am Gezei sëtzt, deen ni méi rauszékriéien ass. Kee gëtt him d'Hand; d'Chauffere vun den Drecksween klamme guer net raus; Privater, déi tippe kommen, si frou, wann se d'Malle vum Auto zouklake kënnen, aus dem Bulli raus nees um Makadam sinn. Ënnen am Tälli steet Séigras, gëtt vum Wouscht ëmmer nees iwwerschott. Sechs Deeg an der Woch kommen d'Drecks-lawine vun uewe rof. Ënnerem Séigras bruckt Waasser, wéi déif, weess keen; 't mouerzt. Raten.

De Mann, dee lo just d'Malle vun sengem Mercedes zougemaach huet, kuckt nach eng Kéier den Hank rof. Seng véier Kartongskëschte leien déif ënnen, si bis an d'Séigras gerullt. Dee Schwaarzen, deen hei den Tipp mécht, ass net an der Géigend. Sécher sëtzt en an der Roulotte Zeitungen ze liesen, déi d'Leit wechgehait hunn. No ënnen an déi Supp klëmmt deen sengerliewen net. A wann, wat wier dann? De Geroch vum Tipp sëtzt him an der Nues, och nach, wéi en déi al Gaardegaloschen am Auto ausdeet; de Gestank sëtzt bis an d'Lammelen. Hie bedreckt de Buedem vum Auto, ob e wëllt oder net. Doheem wäert hien d'Galoschen ee fir allemol wechgeheien. Doheem waarden se. Se mussen frou sinn, datt hie

gemaach huet, wat ze maache war. Maache gelooss huet. Deier genuch war et.

Dee Schwaarze vum Tipp schéisst op d'Raten, wann s'et ze bont dreiwen. Hien hält se mam Loftgewier kleng, dat huet e gedréitene Laf. Wann se net gläich vreckt sinn, da päifen se ganz hell, da verschwannen s'am Mouer oder se wësse vu Péng net, wuer lafen. Da kënnt alt mol eng den Tipp ropgeschoss, bis op d'hallef Héicht. Da schéisst hien no. Hien huet der scho mam bloussen Heel erschlon. Haut gesäit hie fir d'drëtt eng bei deene Këschten, ënnen an der Sauerei. Déi leien nach net laang do, hie kennt hei all Quadratmeter, och wann den Tipp all Dag anescht ausgesäit. Déi eng Këscht ass schon hallef an der Supp ersoff. Dorower klëmmt hien net kucken.

De Mann aus dem Mercedes sëtzt an sengem héije Silo. Wie bei hie wëllt, muss de Wee op den uechtzénge Stack fannen a gëtt da vun senger Sekretärin ofgefaangen. D'Uriff komme fir d'éischt op där hiren Apparat. Si kënnt bei hie ran. Si ass wäiss am Gesiicht. Si hätt een um Telefon gehat, deen nees séier opgeluecht hätt. Dee wéisst iwwert eng bestëmmte Këscht Bescheid, hätt dee just gesot, si soll dem Här Direkter dat soen. Dee seet näischt, kuckt d'Sekretärin ferm an d'Aen a mengt äiseg, si soll him net mat Verrécktene kommen. Si zitt d'Dier nees hannert sech zou. Dat war dee vum Tipp, geet et dem Mann hannere grousse Schreiddesch duerch d'Träipen.

Dee vum Tipp steet am hallwen Hank a reift sech d'Ae mat de blousse schwaarze Fangeren. Den Tipp brennt op e puer Plazen. Wann hien nach wéisst, wéi dat méiglech ass. Den Damp kräicht wéi aus dem Buedem raus, wänzelt niddreg iwwert den Dreck. Wéi hien de Kapp hieft, gesäit hien uewen ee stoen. Eenzock weess hien, wat lass ass. Hien hat en net gesi kommen, viru Wochen, mat deene Këschten, fir déi d'Raten sech intresséiert hunn. D'Raten haten hien um Enn virwëtzeg gemaach. An enger Këscht war eng zrasen Enveloppe téschent alen Zeitungen; mat Numm an Adress. An där

Këscht, déi an der Supp louch a schon hallef opgeweecht war, war eppes aneshtes. Hie klëmmt de rétschegen Tipp rop, schléit hei an do den Heel an, fir sech ropzézéien. Uewe seet hie kee Wuert. „Wat häss De gär?“, freet deen aneren haart. „Ech weess net, wat Der mengt“, grommelt hie lues a geet laanscht. Deen aneren zitt sech. „Da so, wat s De wëlls!“, rífft deen no. Hien äntwert net. Aus der Roulotte raus gesäit hien de Mercedes fortueren. Sou gesäit dee vun der Adress also aus. 't muss de Papp sinn.

D'Mamm an d'Meedche stinn hannert de Ridoen. En ongewäschene Voyou spadséiert well eng hallef Stonn virum Haus op an of, huet Fassad a Fënsteren am A. „Wann däi Papp hei wier, géif deen e verjoen“, mengt d'Mamm. „De Papp weess bestëmmt, wien et ass“, äntwert d'Meedchen. „Komm vun der Fënster wech“, seet d'Mamm. „Ech muss lo goen“, seet d'Meedchen. Baussent dem Haus bleift hatt um Trottoir laanscht d'Villa. Op där anerer Säit steet deen aneren. En huet d'Hänn an den Täschen. Dee mat den Hänn an den Täschen denkt, dat huet nach keng siwwenzéng. „Déi Kuck!“, denkt d'Meedchen a leeft bal.

Siwe Joer méi spéit klammen Hochzäitsgäscht aus dichtege Ween a verschwannen am Bauch vum Hotel-Restaurant. Vun dobannen ass Musek ze héieren. Braut a Bräitchemann verloossen hir wäiss Kutsch. De Papp reeft dem Meedchen seng Schleef fir iwwert de Kräsi. Déi dräi laachen a gi laanscht een, deen se net an Uecht geholl haten. De Papp fiert zesummen, wéi en déi Stëmm hannert sech héiert. „Se hunn den Tipp zougemaach. Ech hu meng Rent. Ech hat de Raten et wechgeholl, deemools!“ D'Meedche leeft d'Trape rop. De Bräitchemann kuckt op de Schwéierpapp. Dee geet der Duechter no. De Bräitchemann steet leng do. Dee Friemen huet sech schonn ëmgedréit.